02 | 2021




# REWA NEWS

CIPA-SANEM.LU

GEMENG SUESSEM

CIPA RÉSIDENCE OP DER WAASSERTRAP

# EDITORIAL

- Nathalie Morgenthaler

# VIRWUERT

- Alain Willet

# AKTUELLES

- Mémoire Etienne Gauthier

# RÉCKBLÉCK

- Auszeechnung „Palliative Geriatrie"
- Artikel Här Erpelding
- Dem CIPA seng Dieren sinn nees op
- Léiffrawëschdag
- „Projet de Vie" Madamm Raschella

# VERSCHIDDENES

- Projet Kultura
- Nei Responsabelen
- Wéi zefridden sinn eis Bewunner
- Ab ins Hochbeet!
- Sortie Bécasine
- Sonneseegel
- Et hunn eis verlooss
- Nei Mataarbechter


# IMPRESSUM

ZEITUNG VUM: CIPA Résidence Op der Waassertrap
REDAKTIOUN: Residenten, Tamara Abate (Educatrice diplômée/Animatioun)
LAYOUT: Tamara Abate
VERBESSERUNG: Service des Relations publiques et de la Culture
FOTOEN: Personal vun der Equipe Animatioun a Marie-Paule Muller
DROCK: Am CIPA Résidence Op der Waassertrap
ADRESS: Résidence Waassertrap | L-4408 Belvaux
TEL.: +352 59 49 40 - 1
KONTO: Kontosnummer fir en Don LU35 0019 5201 0195 3000 bei der BCEE
INTERNET SITE: www.cipa-sanem.lu

# EDITORIAL



Léif Bewunner aus dem CIPA Résidence op der Waassertrap,

Obwuel mär hei zu Lëtzebuerg, an op der ganzer Welt, an deene leschte Méint groussen Erausfuerderungen ausgesat wuaren, hoffen ech, datt dës Editioun Äech a beschter Verfassung fënnt.
De Summer ass leider schonn eriwwer, d'Deeg ginn erëm méi kuerz an elo steiere mär op den Hierscht zou, deen eis awer hoffentlech nach schéi sonneg Amenter matbréngt.
Dat heescht awer och, dass mär dann op d'Wanterzäit zousteieren a mär eis dann iwwert déi schéi gemittlech Deeg Enn des Jores freeë kënnen an dono och d'Fréijoer nees erwuarde kënnen.
Eent ass Äech gewëss, d'Direktioun an dat gesamt Personal aus dem CIPA souwéi d'Politiker aus der Gemeng wäerten sech beméien Äech den Hierscht a Wanter, d'kommend Feierdeeg an och den Alldag an der Waassertrap op eng responsabel a virsuergend Manéier esou gemittlech, agreabel a schéi wéi méiglech ze gestalten.
Ech vu menger Säit wënschen Äech an Äre Familljen een ageneemen Hierscht a Wanter a gemittlech Feierdeeg.
Passt gutt op Äech op.

Chères résidentes, chers résidents du CIPA Résidence op der Waassertrap,

J'espère que cette édition vous trouve en bonne forme, malgré les grands défis auxquels nous avons été exposés au Luxembourg et dans le monde entier pendant ces derniers mois.

L'été étant pratiquement passé, les jours raccourcissent et l'automne approche.
Puisse ce dernier nous procurer encore quelques merveilleuses journées ensoleillées.

De plus, cela signifie également que l'hiver arrive, les beaux jours paisibles de fin d'année approchent et que nous pouvons nous réjouir de l'arrivée du printemps.

Sachez que la direction et tout le personnel du CIPA ainsi que les politiciennes et politiciens de notre commune continueront à s'appliquer pour vous faire passer un automne, un hiver, des jours fériés, mais également le quotidien aussi paisible et agréable que possible.

De mon côté, je vous souhaite à vous toutes et tous, ainsi qu'à vos familles de passer un agréable automne et un hiver plaisant, ainsi que de bonnes fêtes de fin d'années.

Prenez bien soin de vous.

Nathalie Morgenthaler
Schäffin Gemeng Suessem

# VIRWUERT



Léif Lieserinnen a Lieser,

Schonn iwwert 18 Méint si mir mat der Pandemie geplot a mir hunn eis scho bal un déi verschidde Reflexer gewinnt, wéi mir eis verhale sollen.

Ufanks Oktober huet e groussen Deel vun eise Bewunner hir 3. Impfung kritt a mol net eng Woch méi spéit, huet e ganze Stack missen zougemaach gi fir d'Visitten, wéinst engem Cluster. Eréischt no 3 Woche konnte mir erëm an den normale Rhythmus iwwergoen.

No deenen 3 schwéiere Wochen hu mir awer mat enger klenger Satisfaktioun konnte feststellen, datt eis Covid positiv Bewunner keng uerg Symptomer haten, an dës Well tant bien que mal iwwerstanen haten. Dat verstäerkt dann awer och eist Vertraue géigeniwwer den Impfungen, déi mat Sécherheet ee schwéiere Verlaf verhënnert hunn. Eng aner Satisfaktioun ass och de Fait, datt duerch méi Mobilitéitsübungen (Promenaden am Park, Fitness um Stack) eis Bewunner dëse vereinfachte Confinement besser verdroen hunn, an duerno gutt recuperéiert hunn.

Et kann een sech virstellen, wat déi sozial Distanz, d'Droe vum Mask an de Fait, datt een seng Léifst net méi esou an den Aarm huele kann, fir Konsequenzen huet: fir eis, eis Léifst an hir Moral.

An dach musse mir nach ëmmer vigilant sinn an oppassen. Et ass net liicht fir keen, mee mir mussen all zesummenhalen an eis bescht maache fir d'Situatioun am Grëff ze behalen.
D'Famillje vun de Bewunner hunn heiansdo Problemer fir d'Mesuren z'akzeptéieren mat deene mir am Moment liewe mussen. Dës Mesurë mussen awer nach eng Zäitche gëllen a mir bieden Familljen an d'Visiteure vum REWA Versteesdemech ze hunn fir déi präventiv Moossnamen, déi am Sënn vun eis all gëllen.

An deem Sënn si mär all Deel vun der Léisung!

Alain Willet

# Évaluation d'un jardin thérapeutique en maison de retraite, propice à la rééducation des personnes âgées sur le risque de chutes, la mobilité et la qualité de vie

G. Etienne[1], V. Leblanc[2], A. Didier[3]
[1-2]Haute Ecole Robert Schuman, Libramont-Chevigny, Belgique
[3]Maître de stage au CIPA Op der Wassertraap, Belvaux, Luxembourg

La sénescence entraîne toutes sortes de comorbidités telles que le risque de chute, la perte d'indépendance et la dépression, amenant des perturbations sur le plan physique, psychologique et social. Le jardin thérapeutique est un outil rééducatif permettant de développer l'autonomie et la qualité de vie chez ces personnes âgées.

Le but de cette étude pilote est d'évaluer l'impact du jardin thérapeutique à visée rééducative pour une population âgée en maison de retraite sur le risque de chute, la mobilité et la qualité de vie.

Après 12 semaines, le groupe expérimental a présenté des différences significatives telles qu'une réduction du risque de chute au test de **Tinetti,** une amélioration du périmètre de marche ainsi qu'une amélioration de la qualité de vie, surtout physique.





Figure 2 : Modules et sentiers pieds nus du jardin thérapeutique

# AUSZEECHNUNG „PALLIATIVE GERIATRIE"

Vun Dezember 2018 bis Februar 2020 huet eise CIPA beim Projet „**Palliative Geriatrie**" vun Omega90 matgemaach.

Zesumme mat 7 aneren Institutiounen (4 Fleegeariichtunge fir eeler Leit an 3 Ariichtunge fir Leit mat intellektueller Behënnerung), gouf am Kader vun dësem Projet d'Palliativkultur zu Lëtzebuerg ewéi och an deenen eenzelen Institutiounen diskutéiert a verbessert. Am Virdergrond stoung dobäi ëmmer de Bewunner an d'Haaptzil war a bleift et, fir dem Bewunner e méi agreabelt Liewensenn ze bereeden andeems een d'Familljen an d'Personal méi abezitt.

Am ganzen hunn sech déi 8 Institutiounen an 2 Representantë vun Omega90 aacht Mol getraff. Dëst ëmmer bei engem anere vun deenen 8 Participanten. Um Programm stoung deemno och eng Visitt vun der jeeweileger Institutioun fir e bessert Kenneléiere vum Haus an der jeeweileger Palliativkultur.

Nieft dem konstruktiven Austausch mat deenen aneren Haiser, ass et awer och dorëms gaangen, en eegene Projet op d'Been ze stelle fir seng eege Palliativkultur weider auszebauen. Ënnert dem Titel "Kommunikation und Vernetzung in der Palliativpflege" huet eise CIPA eng eenheetlech Palliativkultur duerch eng verbessert Kommunikatioun erreecht.

Ënnert eise Projet si folgend Aktioune gefall:

- Eng Informatiounskonferenz fir d'Bewunner an hir Familljen iwwert d'Wichtegkeet fir eng Patienteverfügung auszefëllen. Dës Konferenz war am Juni 2019 ënnert dem Thema "Iessen an Drénken um Liewensenn".
- D'Iwweraarbechtung vun eisem Palliativkonzept an d'Aféiere vun enger Charta. Dës Charta resuméiert déi Haaptpunkte vum Konzept a gëtt vun alle Mataarbechter ënnerschriwwen a respektéiert.
- Nei Mataarbechter esou wéi Stagiairen a Schüler kréien eis Palliativkultur erkläert an esou méi nobruet.
- D'Aktualiséierung vum Flyer iwwert eis Palliativkultur fir eis Bewunner, hir Familljen an och zukünfteg Bewunner z'informéieren.
- Um internen Télé-Info ass eng Foto vun eisem Palliativgrupp fir datt d'Bewunner an d'Famillje wëssen u wéi eng Leit si sech wende kënnen.
- Um Internetsite fannt dir zousätzlech Informatiounen zu eiser Palliativkultur, esou wéi eisen Informatiounsflyer an en Erklärungsvideo.

Den 8. Juni 2021, huet eise CIPA dunn endlech d'Plackett „Palliativ Geriatrie" vun der Madamm Ministesch Corinne Cahen am Park Hotel Alvisse iwwerreecht kritt. Bei dësem Ofschlosstreffe waren d'Direktioune vun alle Fleegeinstitutiounen aus dem Land present fir sech d'Projeten an d'Video vun deenen 8 Institutiounen unzekucken.

Fir d'Nohaltegkeet vun eiser Palliativkultur ze garantéieren, trefft sech de Palliativgrupp all Trimester fir e Bilan iwwert d'Palliativfäll an d'Stierffäll ze maachen an z'analyséiere wat een déi nächst Kéier ka besser maachen.


Des weidere setzt sech de Grupp all Joer Objektiver fir sech ëmmer weider verbesseren ze kënnen. Esou wëll de Grupp fir Enn 2021 seng eege Patienteverfügung op Been stellen. Dës soll méi einfach erklärt an awer och méi detailléiert si wéi déi offiziell Patiente-verfügung vum Ministère.








# UNE APRÈS-MIDI CHEZ LES POMPIERS AVEC MONSIEUR ERPELDING



Dans le cadre des formations obligatoires pour tout le personnel du CIPA, nous avons participé à la formation théorique et pratique « Extincteurs » au CGDIS au Scheierhaff début juin.
Vu que la philosophie de l'Humanitude adoptée par le CIPA demande à tenir compte de la singularité de chaque résident, et donc de son histoire de vie, nous avons pensé à demander Monsieur Erpelding à nous accompagner à cette formation, car il avait été pompier auparavant.

Monsieur Erpelding était très content de pouvoir y participer, car il a pu nous faire part de son expérience, tout en se remémorant des souvenirs et en pouvant retrouver certains anciens collègues.
En tant qu'ancien commandant adjoint de la caserne d'Esch-sur-Alzette, il donnait lui-même régulièrement ce genre de formation.

Ceci lui a donc fait ressurgir pas mal de souvenirs.

Monsieur Erpelding est né le 7 août 1941 à Esch-sur-Alzette.

Son père et sa sœur appartenaient au conseil communal de la ville d'Esch.
Entre 1956 – 1959 il a appris le métier de mécanicien-ajusteur au garage municipal de la ville d'Esch et c'est grâce à ce « contact » avec les camions de pompiers que le lien s'est fait et que sa carrière a pu commencer.

Il a débuté chez les pompiers de manière active en 1959 à l'âge de 17 ans. En 1965 il était déjà chef de section en plus d'être nommé secrétaire des pompiers d'Esch à l'âge de 23 ans.

Il a travaillé beaucoup en tant que secrétaire de l'année 1965 à 2002. En tant que pompier, il participait à de nombreuses interventions et il était également instructeur.
Il a reçu une prime de bravoure car il a sauvé deux personnes du 4ième étage pendant un incendie dans un restaurant. Lors des compétitions de pompiers internationales il a gagné 3 médailles d'argent avec son équipe.

Durant cette formation, M. Erpelding a eu l'occasion de s'échanger avec le formateur qu'il connaît très bien. En effet, Monsieur Masciovecchio se souvient bien avoir été inspiré par Monsieur Erpelding entre autres à son époque, vu que la caserne d'Esch était la référence de la région.

Pendant le discours du repas de fin de carrière en février 2002, Monsieur Erpelding parlait de ses 40 années de service, mais son épouse l'a interrompu pour préciser : « Oui, mais pendant ces 40 années, tu étais 3 ans à la maison ! »

Ce fut un plaisir autant pour nous que pour M. Erpelding de participer à cette formation. L'adage « Ee fir all - an all fir Een » n'a jamais été aussi vrai.

Barbara et Alain
Service thérapeutique





# DEM CIPA SENG DIEREN SINN NEES OP

De Weekend vum 3. a 4. Juli 2021 war säit laangem am CIPA REWA erëm eng méi lass. No praktesch 18 Méint ouni gréisser Fester, un deenen de Bewunner hir Familljen, Frënn a Bekannte konnten deelhuelen, konnten eis Gebuertsdagsfeier an d'Summerfest ënnert dem CovidCheck-System organiséiert ginn. Op der Gebuertsdagsfeier huet d'Lisa Mariotto fir gutt Stëmmung gesuergt an um Summerfest d'Fanfare vun Hunchereng, d'Hot Daddy's an dem DJ Tun vum Radio Belle Vallée. Déi zwee Fester, esouwéi Tombola an d'Eisekuchen hate grousse Succès. Zesumme feieren, e Patt drénken, iessen, matsangen, laachen, schnëssen an einfach nëmmen de Moment genéissen, gehéieren zum gesellschaftlechem Liewen dozou an eise Bewunner hunn dës zwee Deeg einfach nëmme gutt gedoen.




Samschdes, den 21. August 2021, no enger laanger Paus, haten eis Bewunner vun der „Unité de Vie" hiert d'Grillfest. De Jeannot Conter huet fir déi musikalesch Ambiance gesuergt. D'hausmaacher Gebeess an de Keramikstand haten e grousse Succès. Deen Dag war dat sonnegt Wieder op eiser Säit an eis Bewunner haten e puer schéi Stonne mat hire Familljen a Bekannte verbruecht.

Den 11. Juli 2021 goufen eis Bewunner musikalesch vun der Zolwer Jugendmusek verwinnt. Och méi modern Lidder goufe virgespillt. E Concert deen de Bewunner an dem Personal ganz gutt gefall huet an dee mat enger Zugab ofgeschloss gouf.



Den 18. September 2021 hunn den „Ensemble musical Divertimento" fir en ofwiesslungsräichen Nomëtte gesuergt. Si wësse mat hirer ënnerhalsamer Musek, déi vu Pop, Rock bis hin zu latäinamerikanesche Melodien an de bekanntste Lidder reecht, ze begeeschteren.



# LÉIFFRAWËSCHDAG

„Der *Léiffrawëschdag*, auch bekannt als *Léiffrakrautdag* oder *Krautwëschdag*, zählt zu den sogenannten Erntefesten, deren Ursprung bis ins vorchristliche Zeitalter zurückverfolgt werden kann. Heute wird die traditionelle **Kräutersegnung an Mariä Himmelfahrt** - dem 15. August, einem gesetzlichen Feiertag - nur noch in wenigen Orten des Landes, wie etwa in Greiveldingen, einem kleinen Dorf in der Moselgegend, vorgenommen."

Et ass dat gréisst Mariefest am Joer. Deen Dag gëtt traditionell e Wësch gebonnen an an der Kierch geseent. Doheem gëtt en am Stall um Späicher oder am Haus opgehaangen, als Schutz géint Krankheeten an Naturkatastrophen. All Géigend am Land huet seng speziell Kraider, déi an de Wësch kommen. Et ginn a verschidden Uertschafte Sakramentsprozessiounen organiséiert.

Zesumme mat de Bewunner vun der Unité de Vie hunn d'Lisa an d'Lili e schéine Wësch aus deene verschiddenste Blummen a Kraider aus dem Gaart fir de 15. August gebonnen. Eise Bewunner huet dëse Wësch besonnesch gutt gefall an d'Fotoe schwätze fir sech.





# „PROJET DE VIE" MADAMM RASCHELLA

Am Kader vum „Projet de Vie" vun der Madamm Raschella hu mir eis am Fréijoer 2021 Gedanke gemaach mat wat mir der Madamm eng Freed kënne maachen. Vu datt d'Madamm ëmmer gären am Ëmgang mat Päerd war an och mat aneren Associatiounen zesummen e puer Reitstonnen hat, hu mir eis geduecht hir en flotten Nomëtten am Stall bei de Päerd z'organiséieren. Zesumme mat der Reittherapie vu Monnerech (Association Thérapie Equestre) konnte mir hir dat och erméiglechen. Den 31. Mee op engem sonnegen Nomëtte war et dunn och souwäit a mir hunn eis op de Wee gemaach an de Monnerecher Reitstall. Ukomm, war d'Madamm direkt ganz begeeschtert an huet sech och séier mat hirem neie Frënd, dem „Turbo", ugefrënnt. Si hat dunn d'Méiglechkeet eng kleng „Wellnessstonn" mat him ze maachen, an hien ass gutt vun hir verwinnt ginn andeems si den Turbo konnt botzen an e puer Leckereie fidderen. Och e klengen Tréppeltour ronderëm de Stall konnt d'Madamm Raschella nach mam Turbo zesumme maachen. Der Madamm Raschella konnt domadder en immens ofwiesslungsräichen a schéinen Nomëtten erméiglecht ginn, deen si genoss huet an dee mir, wa méiglech, gären nach eng Kéier widderhuelen.

Martine an Cinzia


Animatioun





# PROJET KULTURA

Die Senioren aller Nationalitäten zusammenbringen, das ist eines der Ziele der GERO asbl (früher RBS). Deshalb haben wir beschlossen, ein Spiel auszuarbeiten bei dem jeder mitmachen kann, sei er Luxemburger, Italiener, Portugiese, Belgier, Deutscher, Franzose, …. Bei der Ausarbeitung können wir auf die Unterstützung zahlreicher Partner zählen und ein wichtiger Partner ist das CIPA REWA, wo wir freundlich und zuvorkommend von René Lebboroni und seinem Animationsteam empfangen wurden.
Wir waren besonders froh zu hören, dass viele Bewohner des CIPA REWA aus Italien stammen oder italienischer Abstammung sind. Denn wir waren auf der Suche nach einer Gruppe, die uns für das Spiel Fragen über Italien beantworten kann. Prompt haben sich Tamara und Lisa bereit erklärt eine Gruppe italienischstämmiger Bewohner zusammenzustellen und in mehreren Sitzungen sind sie die Fragen über italienisches Essen, Prominente, Feste, bekannte Gebäude usw. durchgegangen.
Wobei handelt es sich bei dem Spiel Kultura?




Das Spiel besteht aus 87 Karten, die jede ein typisches Merkmal des Landes erfragt. So z.B. ein typisches Fleischgericht, ein Gebäck für Weihnachten, ein bekannter Sportler, ein Monument in der Hauptstadt, … Auf der Vorderseite der Karte werden 3 Antwortmöglichkeiten für Luxemburg erklärt und auf der Rückseite jeweils 3 Antwortmöglichkeiten für Italien, Portugal, Belgien, Deutschland und Frankreich. Ziel des Spieles ist es, auf ungezwungene Weise den Austausch zwischen Personen verschiedener Herkunft zu fördern. Das Spiel soll im März 2022 auf dem „Festival des Migrations“ offiziell vorgestellt werden.

# NEI RESPONSABELEN



Mäin Numm ass Martine Lefèbre, ech si geschwënn 39 Joer al. Nächst Joer sinn ech 10 Joer bestuet an zënter 16 Méint Mamma vun engem Meedchen. Mir dräi liewe mat zwou Kazen zesummen.
Als Infirmière schaffen ech aktiv zanter 2004 un. Ech hunn an engem Fleegeheem zu Berbuerg ugefaangen, dono sinn ech an de Chem schaffe gaange vun 2005-2011. Do hunn ech haaptsächlech am Service Pool geschafft, wou ech ob vill verschidde Stäck aushëllefe gaange sinn. Zwar meeschtens Chirurgie.
Dono hunn ech dunn fir Valentinsdag am CIPA zu Zolwer ugefaangen a sinn am Juli 2012 matgeplënnert.
An deenen 10 an halleft Joer am CIPA hu mir vill schéi Momenter erlieft ewéi och där negativer.
Mee wat engem ëmmer erëm neie Courage gëtt, ass wann ee soll mam Auto an d'Vakanz fueren an de Bewunner engem aus dem Cactus en Picknickskuerf matbréngt fir ënnerwee. Dat si Momenter wou een erëm weess wisou een dee Beruff mëscht.
Zu menger neier Positioun, kann ech just soen, ech probéieren de Stack BF2 ze leeden, datt et esouwéi Personal a Resident gutt geet.

Matt vill Léift, äert Martine
Responsable BF2




Ech sinn den Thierry Cravatte, hu 35 Joer a komme vu Monnerech, si Papp vun 3 Kanner a schaffe säit dem 16.04.21 als Responsabele vum Service Technique beim CIPA Op der Waassertrap.
Zu menger Perséinlechkeet, ech si guttmiddeg, frëndlech, diskret, diplomatesch, zilstreebeg, skeptesch an eng detailverléifte Persoun.
Als Responsabele vum Service Technique muss ech d'Organisatioun a Koordinatioun vun all den Aktivitéite vu mengem Service geréieren.
An éischter Linn geet et dorëms datt d'Gebai vum CIPA ëmmer funktionell bleift an ech muss dofir suergen datt d'Sécherheet vum CIPA fir jiddweree garantéiert gëtt.


Thierry
Responsable Service Technique

# WEI ZEFRIDDEN SINN EIS BEWUNNER

Am Kader vu sengem éischte Joer Master am Qualitéitsmanagement, huet d'Lisa Bartocci wärend 5 Méint e Stage bei eis am Haus gemaach. D'Haaptzil vu sengem Stage war et fir eng Zefriddenheetsëmfro bei de Bewunner an hire Familljen iwwert d'Pandemie-Zäit ze maachen.

Mat engem Froebou iwwert all Servicer, ass hatt bei d'Bewunner gaangen oder huet d'Famill kontaktéiert fir hir Meenung gewuer ze ginn. Am ganzen hunn 56 Persoune vu 63 gefrote Leit matgemaach. Well d'Ëmfro ëm d'Zäit wärend der Pandemie gaangen ass, konnte just Leit gefrot ginn, déi och virun der Pandemie scho bei eis am Haus waren.

| Service | Duerchschnëtt (max 4. Punkten) |
|---|---|
| 1. Restaurant & Kichen | 3,700 |
| 2. Service Technique | 3,697 |
| 3. Animatioun | 3,696 |
| 4. Hausaarbecht | 3,692 |
| 5. Receptioun | 3,678 |
| 6. Liewen am CIPA | 3,608 |
| 7. Fleeg | 3,445 |



D’Resultater goufen der Direktioun, de Responsabelen, dem Personal dem Heemrot esouwéi dem Schäfferot virgestallt. Verschidden Aktioune goufen a Plaz gesat fir op Bemierkungen anzegoen:

- E Rappel un dat ganzt Personal maachen, fir datt ee fir d’éischt tocke soll, bevir ee bei e Bewunner an d’Zëmmer geet an och ëmmer „Moien“ soen a sech virstelle soll.
- D’Informatiounsbréiwer wäerten an Zukunft op 2 Sprooche geschriwwe ginn.
- Am Shop komme reegelméisseg nei Produkter bäi. Iddien fir weider Produkter sinn ëmmer wëllkomm.
- An der Entrée kënnt e Knäppchen hin, fir datt een, am Fall wou een tëscht deenen 2 Dieren hänke bleift, kann Hëllef ruffen.
- A villen Zëmmere goufen direkt e puer Klengegkeete vum Service Technique gefléckt.
- Bewunner, déi e Medikament a Waasser mussen opléisen, kréien elo 2 Glieser, eent fir d’Medikament an eent fir Waasser ze drénken.
- Et wäert nees eng Visitt vun der Kichen organiséiert ginn, fir datt d’Bewunner d’Méiglechkeet hunn ze gesinn, wéi d’Kiche fonktionéiert an datt hir Platen ëmmer frësch zoubereet ginn.
- An Zukunft wäerten och méi Aktivitéiten organiséiert ginn, déi sech méi un eis männlech Bewunner orientéieren. Iddie fir Aktivitéiten sinn ëmmer wëllkomm.
- Säit dem Summer dierfen och nees méi Sortien organiséiert ginn. D’Informatiounen zu enger Sortie ginn ëmmer op der Informatiounstafel beim Restaurant opgehaangen.
- D’Direktioun mécht elo reegelméisseg Stéchprouwe fir d’Schellen ze kontrolléieren, dat heescht, ob d’Personal sech net ze vill Zäit léisst fir op eng Schell z‘äntweren.
- D‘Bewunner kruten en Ziedel wou all d’Responsabel mat hirer Foto an hire Kontaktdaten drop ass. Esou weess de Bewunner u wien e sech bei enger Fro ze wenden huet. Säit dem Summer kritt och all neie Bewunner an hir Famill dësen Ziedel direkt bei der Admissioun.

Falls där an Zukunft sollt Problemer oder Verbesserungsvirschléi hunn, zéckt net iech bei engem Responsabelen ze mellen, fir datt mär dëst kläre kënnen.

Mär soen dem Lisa villmools Merci fir seng gutt Aarbecht wärend sengem Stage a seng grouss Hëllef fir all déi Verbesserungsvirschléi a Plaz ze setzen. Mär drécken him d’Daume fir säi lescht Unisjoer a wënschen him alles Guddes fir d’Zukunft.

# AB INS HOCHBEET!

**Dieser Ort sei dem ehrenwerten Vergnügen gewidmet, das Auge zu erfreuen, die Nase zu erfrischen und den Geist zu erneuern.**
**Erasmus von Rotterdam**

Gäert sinn vun jee hier als Wuelfilloas bekannt. Sech an hinnen opzehalen deet dem Kierper an der Séil gutt.
Bei Sonn an frëscher Loft am Gaart ze schaffen, hëlleft Stress an Ängschten ofzebauen.
Déi vill Andréck déi een an der Natur fënnt, sinn eng Wueldot fir d'Sënner, zum Beispill den Doft vun frësche Kraider, mat den Hänn am Buedem ze schaffen oder dem Päifen vun den Villercher nozelauschteren.
D'Gaardenaarbecht ass och gutt fir d'Motorik, beim Onkrautrappen, Buedem gläichzéien oder Planzen zupfen.
Duerch dës Beweegunge maachen Seniore wichteg ergotherapeutesch Übungen. Dofir sinn ech frou eis Ergotherapeutin Barbara Kaes bei dësem Projet als Ënnerstëtzung un eiser Säit ze hunn.
Am Gaart ze schaffen ass eng heelsam Aktivitéit fir de ganze Kierper, d'Häerz an den Kreeslaf ginn trainéiert, de Stoffwiessel ugereegt an d'Immunsystem gestäerkt.

Ufank Mee no deenen dräi Äishellegen ass et lass gaangen.
Eng kleng Ekipp huet sech prett gemaach, fir op Arel op de Maart ze fueren. Ënnert hinne fréier Gäertner, also al Huesen op dem Gebitt, deenen hir Erfarung gefrot a geschat ass, an e puer déi schonn ëmmer Freed um Gaart an un der Natur haten.

Geméisplanzen, Äerdbier a verschidden Zorte Kréischelen esouwéi och Geseems a schéi Blummen hu si zesummen erausgesicht.
No an no, esou séier wéi d'Wieder et erlaabt huet, sinn eis Planzen an den Buedem komm.
Et muss ee soen, datt d'Beeter hannert dem Cipa ugefaangen hunn richteg Form ze kréien.

All Dag gëtt fläisseg geschafft!

Eis Pensionnairë ginn nëtzen, Onkraut rappen oder verwielegt Blummen plécken.
Aner Bewunner vun der Waassertrap notzen d'Geleeënheet bei engem Spadséiergang, fir hire Kolleege bei der Aarbecht iwwert d'Schëller ze kucken, a sech un den Planzen a Blummen z'erfreeën.

Déi éischt Bléien vun den Tomaten an den Auberginne ginn dem Beet e liewegt Gesiicht. Am Juni hate schonn déi éischt Kären bei eisen Äerdbiers Stäck schéi rout Bäckelcher kritt. Eis Residenten aus dem Kichegrupp hu sech iwwert e gutt Heet Zalot gefreet, wat si an eise Gaart siche gaange sinn, fir bei hirem Menü ze zerwéieren.

E bëssen Zäit fir hire Gaart nëtzlech a kreativ ze gestalten, fannen eis Gäertner ëmmer, oder si gi vun aneren fläissegen Hänn ënnerstëtzt, wann et heescht och un d'Beien an Insekten ze denken.
Selwer gemaachten Drénkstellen an esouguer kleng Insektenhoteller sinn an de Beeter opgeriicht ginn.

E Gaart ass eng flott Aufgab, déi sech iwwert dat ganzt Joer zitt, a Begeeschterung a Verantwortung mat sech bréngt.

Op eis éischt Tomatenzalot oder op eng gutt Schmier mat Stoffi a frësch Bratzelen aus eisem eegene Gaart freeë mir eis schonn.

A schneeke beim spadséieren ass natierlech jiddwerengem erlaabt!

Ines Jacobs
Animatioun





# SORTIE BÉCASINE

Depuis cet été, nous avons la chance de pouvoir augmenter la fréquence des sorties avec la Bécasine.

L'impulsion a été donnée via une étudiante en kinésithérapie qui a voulu démontrer le bienfait de ce type de sorties sur le stress, l'équilibre postural et la qualité de vie. Ce projet qui s'inscrit dans l'élaboration de son travail de fin d'étude, s'étale sur une durée de 10 semaines à raison de 5 sorties par semaine.


Ces sorties créent un lien privilégié entre les membres du personnel et le résident ainsi qu'elles renforcent l'esprit d'équipe des coureurs. Les sorties sont proposées aux résidents qui ne sont plus capables de faire 4 km de manière autonome et qui aiment le contact avec la nature. Par la suite, afin de pérenniser le projet nous envisageons de maintenir une sortie hebdomadaire toujours avec un roulement dans les heureux élus.

Pour tous renseignements n'hésitez pas à contacter un membre de l'équipe thérapeutique.

L'équipe thérapeutique







# SONNESEEGEL

Mir wollten eise Matbewunner an hirem Besuch eng Méiglechkeet bidde vum gudde Wieder a vun der Sonn ze profitéieren andeems si am Schiet sëtze kënne bleiwen, mat enger klenger Erfrëschung (Gedrénks, Glace), eng Zeitung liesen asw.

Doropshin hu mir eis de Kapp zerbrach an haten d'Iddi e flotte Sonneseegel installéieren ze loossen, op der Terrass vun eiser Cafeteria hannen am Gaart.
De Sonneseegel wäert ongeféier eng 70qm ofdecken, esou datt eis Leit sech net méi brauchen ze deplacéieren fir am Schiet ze sëtzen.

Kollatioun kéinten eis Residenten esou am gudde Wieder dobaussen besser genéissen.
Eng frëndlech Faarf hu mir erausgesicht, fir datt et ënnert dem Seegel och schéin hell ass.

Nathalie Nicoletti



VERSCHIDDENES

# ET HUNN EIS VERLOOSS

| | |
|---|---|
| MME ZAROTTI-DECKER PHILOMENE | +10/05/2021<br>AM ALTER VUN 91 JOER |
| MME BALTES-GALES MARGUERITE | + 19/05/2021<br>AM ALTER VU 95 JOER |
| MME HERMES MATHGEN JOSÉE | +20/05/2021<br>AM ALTER VUN 79 JOER |
| MR GROBEN PIERRE | +10/06/2021<br>AM ALTER VUN 89 JOER |
| MR SCHOCKMEL ANDRÉ | +19/06/2021<br>AM ALTER VUN 82 JOER |
| MME KÜHN-DE TOGNI JOSEPHINE | + 25/06/2021<br>AM ALTER VU 85 JOER |
| MME LANNERS-PLEGER CATHERINE | +28/06/2021<br>AM ALTER VUN 90 JOER |
| MME WELL-EHMANN GOERGETTE | +03/08/2021<br>AM ALTER VU 87 JOER |
| MR ROELTGEN ROBERT | +04/08/2021<br>AM ALTER VUN 88 JOER |
| MME WEBER-SCHILTZ DENISE | +05/08/2021<br>AM ALTER VUN 83 JOER |

| | |
|---|---|
| MR SCHMIT EDOUARD | +12/08/2021<br>AM ALTER VUN 82 JOER |
| MR CHRISTMANN JEAN | +22/08/2021<br>AM ALTER VU 94 JOER |
| MME PIREN-DI LORENZI LEONINDA | +16/09/2021<br>AM ALTER VUN 88 JOER |
| MME SCHMIT DENISE | +16/09/2021<br>AM ALTER VUN 99 JOER |
| MME BROSIUS-WAXWEILER ANNY | +19/09/2021<br>AM ALTER VUN 90 JOER |
| MME CECCOTTO-GREISCH BETTY | +15/0/2021<br>AM ALTER VUN 88 JOER |
| MR MULLER RENÉ | +18/10/2021<br>AM ALTER VU 87 JOER |
| MME DELMARKO-REINESCH ANNA | +21/10/2021<br>AM ALTER VUN 92 JOER |
| MR VALENTE FERNANDES JOSE | +28/10/2021<br>AM ALTER VUN 79 JOER |
| MR LAMBERT CAMILLE | +02/11/2021<br>AM ALTER VU 95 JOER |

# WËLLKOMM EISEN NEIE MATAARBECHTER
# BIENVENUE AUX NOUVEAUX COLLABORATEURS
# 2021

| Nom | Prénom | Date d'entrée | Service |
|---|---|---|---|
| PAPEL PIMPAO | Steve | 16.06.21 | Service restaurant |
| TAVAN-MANDER | Sandy | 16.06.21 | Accueil & réception |
| KOCAN | Nela | 16.06.21 | Accueil & hébergement |
| LOPES MONTEIRO | Maria Julia | 21.06.21 | Service restaurant |
| RAACH | Liz | 01.08.21 | Assistance & soins BF2 |
| CENTI | Alessia | 01.09.21 | Assistance & soins BF1 |
| ARAÚJO MARQUES | Cátia Alexandra | 01.09.21 | Assistance & soins BF1 |
| ALMADA CABRAL | Eunisse | 01.09.21 | Assistance & soins BF1 |
| BORGES DOS REIS | Redy | 15.09.21 | Service cuisine |
| BOURSIER | Caroline | 15.09.21 | Service cuisine |
| GASPARRI | Letizia | 27.09.21 | Service restaurant |
| CUNHA MALHEIRO | Stacy | 01.10.21 | Assistance & soins BF1 |
| DA CUNHA | Stephanie | 01.10.21 | Assistance & soins BF2 |
| BEAUMONT | Mandy | 01.10.21 | Accueil & hébergement |
| MANDRELLI | Jean-Marc | 01.10.21 | Accueil & hébergement |
| DA SILVA SIMOES | Mariana | 04.10.21 | Service ménage |
| LICINA | Hana | 11.10.21 | Assistance & soins BF2 |
| WAGNER | Myra | 01.11.21 | Accueil & hébergement |
| LUISI | Morena | 01.11.21 | Accueil & hébergement |
| KEMP | Noémie | 01.11.21 | Service thérapeutique & social |
| PEREIRA DA SILVA | Sylvie | 01.11.21 | Assistance & soins BF2 |
| FERNANDES | Joana | 01.11.21 | Assistance & soins BF1 |
| OLIVEIRA | Irène | 01.12.21 | Assistance & soins BF1 |

© 2021
CIPA Résidence Op Der Waassertrap
L-4408 Belvaux
TEL. +352 59 49 40 - 1